



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg, Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

dofir brauch ech net dorop anzegoen. An ech géif direkt der Rapportrice vum Projet de loi, der honorabler Deputéierten, dem Diane Adehm, d'Wuert ginn. Madame Adehm, Dir hutt d'Wuert.

3. 6577 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2012

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

► **Mme Diane Adehm** (CSV), *rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6577 iwwert d'Statskonte vum Exercice 2012 ass de 6. Juni 2013 an der Chamber deposéiert ginn. Bei der Opstellung vum Budget fir d'Joer 2012 war d'Regierung nach vun engem Wuesstum vun 2,1% vum Bruttoinlandsprodukt ausgegangen. Tatsächlech louche mir awer mat 0,3% wäit drënner an dat, obsonn eis Wirtschaft am véierten Trimester erëm ugezunn huet. D'Inflation war mat 2,7% liicht méi héich wéi déi erwaarten 2,4%, mä wesentlech méi niddreg wéi déi 3,4% vun 2011. Um Aarbechtsmaart huet et 2012 och net gutt ausgesinn. De Beschäftigungstaux ass zwar ëm 2,4% geklommen, mä trotzdeem louch de Chômage bei 6,1% respektiv 7,9%, wa mir d'Bénéficiaire vun de Beschäftigungsmoossname mat abezien.

An deem schwierege wirtschaftlechen Ëmfeld huet de Kont 2012 mat engem Defizit vun 206 Milliounen Euro ofgeschloss. Dat sinn 189 Milliounen Euro manner wéi am Budget 2012 virgesi waren. Heizou ass awer ze bemierken, dass am Joer 2012 en Emprunt opgehooll gouf vu 546 Milliounen Euro, deen net am Budget virgesi war. Ouni dësen Emprunt hätt den Defizit bei 406 Milliounen geleëen, also zéng Milliounen méi wéi virgesinn. Wa mir just den ordinäre Budget kucken, da stelle mir fest, dass de Budget an de Kont ganz no beienee leien an dass mir doraus schlësse kënnen, dass de Budget 2012 realistesch opgestallt gouf.

Ouni elo an den Detail vun allen Zuelen ze goen, well déi fannt Dir a mengem schréfteleche Rapport, wéilt ech just e puer Posten opzielen, déi vill méi héich ware wéi am Budget 2012 virgesinn. Op der Recettësäit sinn et folgend Posten: D'Lounsteuer war 156 Milliounen méi héich wéi am Budget virgesinn, d'Recetté vun der TVA waren 266 Milliounen Euro méi héich, an dëst notament duerch de Commerce électronique. Op der Ausgabesäit sinn et folgend Posten: D'Prise de participation an der BIL waren 73 Milliounen Euro, d'Lëtzebuenger Kontributioun am Kapital vum europäesche Stabilitéitsmechanismus waren 80 Milliounen Euro. An 220 Milliounen Euro sinn zousätzlech an d'Spezialfonge gaangen.

Wa mir d'Zuele vum Kont 2012 no der europäescher Method kucken, der sougenannter SEC-95-Presentatioun, dann huet den Zentralstat fir 2012 en Defizit vun 1.157.000.000 Euro. Dat sinn 2,6% vum Bruttoinlandsprodukt a mir leien domadder ënnert den 3%, déi laut de Maastricht-Kritären erlaabt sinn.

Här President, d'Budgetskontrollkommissioun huet sech och mam Statsrot sengem Avis vum 22. Oktober 2013 auseneegesat. De Statsrot stellt a sengem Avis fest, dass de Budget 2012 realistesch opgestallt gouf. Wat déi finanziell Situatioun vun de Spezialfonge vum Stat ugeet, esou stellt de Statsrot fest, dass dës Fongen hire Charakter als Reserv iwwert déi lescht Jore verluer hunn. An e leschte wichtege Punkt, op deen de Statsrot a sengem Avis hiweist, ass den Déséquilibre tëschent den Einnahmen an den Ausgaben am Budget pour ordre. Dëse Punkt

kënnt iwwregens all Joers erëm am Avis vum Statsrot.

Här President, och d'Cour des Comptes weist an hirem Avis zu de Statskonte vun 2012 op den Déséquilibre tëschent den Einnahmen an den Ausgabe vum Budget pour ordre hin. Wat d'Spezialfonge vum Stat ugeet, esou stellt d'Cour des Comptes fest, dass fir verschidde Spezialfongen d'Ausgaben net detailléiert genuch opgefouert ginn.

Des Weiteren huet d'Cour des Comptes sech och mat de Remunératiounen vun den Agenten, déi beim Stat schaffen, beschäftigt. Dësen Exercice mécht d'Cour des Comptes all Joers an hirem Avis zum Compte général. Fir d'Joer 2012 huet de Stat 2.054.000.000 u Gehälter bezuelt. D'Cour des Comptes huet en Échantillon vun 2.490 Dossiere vu Fonctionnaires, Employéen, Aarbechter a Studenten am Detail kontrolléiert. Dovunner waren der 566 net komplett. Mä no enger kontradiktorescher Géigeniwwerstellung bloufe just nach 86 Dossieren net komplett. An 117 vun den 2.490 Dossiere sinn Onregelméissegkeete festgestallt ginn. An deem Zesummenhang huet d'Budgetskontrollkommissioun sech ausdrécklech derfir ausgeschwat, dass d'Cour des Comptes an Zukunft och sollt d'Pensiounen kontrolléieren, déi u fréier Agenten vum Stat bezuelt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, niewent dëser Recommandatioun huet d'Budgetskontrollkommissioun et festgestallt, dass d'Aarbechte fir d'Budgetsreform a Veruch gerode sinn. Dowéinst fuerdert d'Kommissioun d'Regierung op, dës Aarbechten esou séier wéi méiglech weiderzeféieren. A schlussendlech fuerdert d'Budgetskontrollkommissioun d'Regierung op, déi néideg Schrëtt anzeleeden, fir hir Ausgabe méi strikt ze handhaben.

Ofschléissend soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Statskont vum Exercice 2012.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci der Madame Adehm. Ech hu bis elo just d'Aschreiwung vun der Madame Brasseur, mä ginn dovun aus, dass déi eenzel Fraktiounsvertreider wëlle Stellung huelen. Dann huet d'Madame Brasseur d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Kommissioun vun der Exécution budgétaire huet d'DP-Fraktioun fir dëse Rapport gestëmmt, well nämlech déi Konten 2012, de Budget vun 2012 technesch korrekt duerghefouert ginn ass. Ech wëll och soen, dass mer als Budgetskontrollkommissioun - an ech hat do d'Eier, déi während e puer Joer ze presidéieren - festgestallt hunn, dass bei der Exekutioun vum Budget Progrès gemaach gi sinn. An dofir wëll ech deene verschiddene Ministere félicitéieren an och hire Beamten, well méi Rigueur bei der Exekutioun vum Budget war. Mä dat klappt awer nach net fir all Ministère.

Mir hunn et och als Chamber endlech fäerdegbruecht, dass mer déi Konten hei mat Zäit aprouvéieren an an den Délaien. Ech wëll drun erënneren, Här President, dass mer Joren hatten, wou mer enorme Retard hatten, wou mir ons selwer net un ons eege Prozedur gehalten hunn. Gott sei Dank sinn déi Zäiten eriwuer!

Wa mer déi Konten also hei stëmmen, dann heescht dat awer net, dass mer nodréiglech géifen de Budget vun 2012 aprouvéieren. Bien au contraire! An dofir ginn et dräi Haaptgrënn. Deen een, dat ass, dass mer en aussergewöhnlecht Uwuesse vun Dépensen hatten,

och 2012. An am Kont mierkt een, dass et en Accroissement vun Dépense vu 7,3% war. Dat ass jo wierklech net zoulässeg!

A wann een dann den Defizit kuckt vum Gesamtstat 2012, dee sech op iwwer eng Milliard beleeft, dann heescht dat, dass de Stat weider iwwer seng Moyene gelieft huet. An de Finanzminister ass elo grad dorop agaangen.

En zweete Grond ass deen, dass déi successiv Defiziter dozou gefouert hunn, dass de Stat sech ëmmer méi huet misse verschëllen, wat zulaaschte vun der nächster Generatioun geet. 2012, wéi och déi Jore virdrun, ass verpasst ginn, géigenzesteieren. Wa mer esou weidermaachen, da gesäit de Comité de prévision, dass 2017 d'Statsschold 29,2 (veuillez lire: 29,2%) vum PIB ausmécht. Déi Politik muss also geännert ginn!

Drëtens: Scho säit 2005 huet d'Finanzkommissioun drop higewisen, dass d'Approche zum Statsbudget misst geännert ginn. An och do ass näischt geschitt. An ech si frou, dass den neie Finanzminister elo eescht mécht an - en huet et elo grad och explizéiert - e Budget vun där neier Generatioun fir 2015 wäert presentéieren. Et ass eng vun de Prioritéiten. Dat muss mer och onbedéngt maachen.

Dat sinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Haaptkritikpunkten, déi mir um Budget 2012 hatten, Kritikpunkten un der vergaangener Budgetspolitik am Allgemengen.

D'Budgetskontrollkommissioun, déi huet an hirem Rapport - an ech wëll der Madame Adehm als Rapporteur an als President vun der Kommissioun dofir félicitéieren -, d'Budgetskontrollkommissioun huet eng Rei Recommandatiounen un d'Regierung gemaach, wéi och déi Jore virdrun. Leider si ganz oft déi Recommandatiounen Lettre morte bliwwen. Ech si sécher awer, dass de Finanzminister Pierre Gramegna de Konklusiounen a Recommandatiounen vun der Kommissioun bei der Opstellung fir de Budget 2015 wäert Rechnung droen.

Well, Här President, an dat si meng lescht Wierder, mir müssen endlech ophalen, iwwer eis Verhältnissen ze liewen an dat op d'Käschte vun der nächster Generatioun.

Ech soen lech Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci och der Madame Brasseur. Ech hu keng weider ageschriwwen Riedner, soudass d'Wuert un d'Regierung geet. D'Regierung huet d'Wuert.

(Interruptions)

► Une voix.- Si seet näischt.

► **M. le Président**.- D'Regierung huet nach ëmmer d'Wuert.

(Hilarité)

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- D'Regierung huet awer näischt dozou ze soen.

(Hilarité)

► **M. le Président**.- Dat heescht, fir d'Regierung ass alles an der Rei?

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Jo.

► **M. le Président**.- Och d'Recommandatiounen si bei der Regierung ukomm?

(Interruption)

Voilà, da géif ech lech Merci soen a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6577 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6577 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss an d'Statskonte vun 2012 sinn ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen a 5 Nee-Stëmmen. Dat ass kloer.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler (par M. Eugène Berger), Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max

Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Robert Traversini), M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech géif d'Chamber da just nach froen, ob se bereet ass, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann och erëm eng Kéier mat grousser Majoritéit decidéiert an dat ass dann esou.

Da géife mer zu eise Konten, de Chamberskonte vum Joer 2012, iwwergoen. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell geregelt. Ech hu bis elo keng ageschriwwen Riedner. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Lies.

4. 6674 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2012

Rapport de la Commission des Comptes

► **M. Marc Lies** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi all Joers goufen och dëst Joer d'Konte vun der Chamber fir d'Buchungsjoer 2012 vum enger Spezialkommissioun kontrolléiert. Den Artikel 165 vum Règlement interne vun der Chamber gesäit vir, an ech zitieren den éischten Alinéa: «L'examen de la comptabilité des fonds de la Chambre, pour chaque session, est confié à une commission spéciale dite „Commission des Comptes“, assistée par un réviseur d'entreprises à désigner annuellement par le Bureau.» Véierten Alinéa: «La Chambre, sur le rapport de cette commission, se prononce sur l'apurement du compte. La décision est communiquée à la Cour des Comptes pour être enregistrée.»

D'Firma Deloitte, déi den Audit vun de Konte vun der Chamber fir den Exercice 2012 gemaach huet, kënnt de 6. Mäerz vun deem Joer an hirem Schreiwun zu folgender Konklusioun: «À notre avis, les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine, de la situation financière de la Chambre des Députés au 31 décembre 2012, ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date.»

Elo frot Der lech vläicht: Firwat ginn dann elo d'Konten eréischt vun 2012 clôturéiert a firwat net déi vun 2013?

Opgrond vun den Neiwahlen d'lescht Joer am Hierscht a well d'Praxis bis elo déi wor, datt d'Konte vun der Chamber am Kader vum Budget presentéiert gi sinn, a fir d'Clôture heivun och net onnéideg erauszezögere, gëtt dëst elo bei de Budgetsdebatten gemaach. Dëst Joer am Hierscht, virum Vote vum Budget 2015, wäerten dann och d'Konte vun 2013 kënne clôturéiert ginn.

Ech wäert lech elo e puer Eckdate vum Bilan 2012 am Verglach zum Bilan 2011 an awer och am Verglach zum Budget 2012 mat op de Wee ginn, ouni elo awer wëllen an den Detail ze goen.

Am Kader vum Gesetz vum 16. Dezember 2011 iwwert de Statsbudget fir d'Rechnungsjoer 2012 gouf ee globale Kredit vu ronn 31,2 Milliounen fir d'Chamber zougesprach. Op Enn 2012 louchen d'Ausgabe bei ronn 28,6 Milliounen, wat enger Hausse vu 6,19% par rapport zum Rechnungsjoer 2011 entsprach huet, woubäi ee groussen Deel d'Frais de fonctionnement an natierlech d'Salären ausgemach hunn. Ee lichten Dérapage ass festgestelt bei de Frais de route et de séjour fir international Réuniounen, déi natierlech a Funktioun si vun der Zuel vun de Participanten, awer och der Plaz, wou dës Réuniounen stattfannen.

Hei goufen am Ganze 75.000 Euro weider ausgi wéi am Joer 2011. Bei de Comptes rendus konnten am Verglach zu 2011 par contre 138.000 Euro agespuert ginn. Hëlt een de Crédit voté, esou goufen 2,6 Milliounen manner ausgi wéi virgesinn. Dëst entsprécht engem Taux vu minus 8,26%.

À titre d'information: D'Renovatioun vun der Maison Wiltheim wäert ronn 3,7 Milliounen Euro kaschten.

Den dësjährege Budgetsiwwerschoss vun 2,6 Milliounen an d'Excédents budgétaires cumulés vun 2,7 Milliounen surgen derfir, datt d'Reserve vun der Chamber sech op Enn 2012 op ee Montant vu 5,3 Milliounen belafen.



Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Spezialkommissioun, à l'unanimité, an de Réviseur d'entreprises Deloitte sinn der Mee-nung, dass d'Konte vun eiser Chamber an der Rei sinn. Domat géif ech lech alleguerte bie-den, d'Konte vum Exercice 2012 gutt-zeheschen.

Ech wéilt dem Bureau an awer och all de Mat-aarbechter vun der Chamber ee grouse Merci soe fir hir exemplaresch a prezis Aarbecht. Am Numm vun der CSV-Fraktioun géif ech selbst-verständlech den Accord zu dësem Rapport ginn. An ech géif och déi aner Fraktiounen a Sensibilités politiques bieden, datselwecht ze maachen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Rapporteur fir de Rapport. Ech ginn dovun aus, dass d'Fraktiounen an d'Sensibilitéite mat deem d'accord sinn, wat den Här Rapporteur gesot huet, an da kënne mer, esou wéi den Ar-tikel 165 vun eisem Reglement et virgesäit, iwwert déi Resolutioun ofstëmmen, déi Der verdeelt kritt hutt.

Résolution

La Chambre des Députés,

vu le rapport de sa Commission des Comptes,

approuve

les comptes de l'exercice 2012 et prie son Pré-sident de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.

(s.) Marc Lies.

Vote sur la résolution

Ass d'Chamber mat där Prozedur averstanen? Ass se och dermat averstanen, dass mer kënnen à main levée iwwer eis Konten ofstëmmen?

(Assentiment)

Da géif ech lech bieden, déi, déi derfir sinn, dat mat engem Handzeechen ze weisen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Unanimitéit.

Esou wéi den Artikel 165 et virgesäit, géife mer déi Resolutioun dann och an där Form un d'Cour des Comptes weiderginn.

Da géife mer direkt och zu de Konte vun der Cour des Comptes fir den Exercice 2012 iwwer-goen. Och do ass, wann ech dat richteg gesinn, d'Riedezäit nom Basismodell virgesinn. Ech hu keng ageschriwwé Riedner. An dofir huet och direkt d'Rapportrice, d'Madame Diane Adehm, d'Wuert. Madame Adehm, wann ech gelift.

5. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2012 de la Cour des Comptes

Exposé

► **Mme Diane Adehm** (CSV), rapportrice.- Jo, Merci, Här President. Mir hunn déi Konten an der Budgetskontrollkommissioun ganz genee gekuckt. An ech géif och d'Chamber bieden, déi Konten esou unzehuelen, well mir hate keng Remarquen dozou ze maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Kann ech dovun aus-goen, dass d'Diskussioun ofgeschloss ass do-mat?

(Assentiment)

Esou wéi den Artikel 158 vun eisem Chambers-reglement et virgesäit, stëmme mer also iwwert d'Resolutioun of, déi d'Budgetskontrollkommis-sioun virgeschloen huet an déi verdeelt ginn ass.

Résolution

La Chambre des Députés,

vu le rapport du réviseur des comptes de la Cour des Comptes qui estime que les «comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine, de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2012, ainsi que des résultats de l'exer-cice clos à cette date, conformément au référen-tiel comptable tel que décrit dans la Note 2 qui fait partie intégrante des comptes annuels»;

vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exé-cution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 3 mars 2014;

approuve

les comptes de l'exercice 2012 de la Cour des Comptes.

(s.) Diane Adehm.

¹ Principes généraux : Les comptes annuels de la Cour des Comptes sont établis par le Collège de la Cour des Comptes conformément aux principes comptables généralement admis à Luxembourg à l'exception des acquisitions en équipements et mobiliers qui sont comptabilisés directement dans le compte de revenus et charges dès la date d'ac-quisition, ainsi que des spécificités concernant l'exercice budgétaire et comptable du chapitre 3 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État.

Ass d'Chamber dermat averstanen, dass mer dat à main levée maachen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Da géif ech lech ëm en Handzeeche bieden.

Géigeprouf: Wien ass net...

D'Regierung ass gebieden, net mat ofzestëm-men!

(Hilarité)

► **M. Etienne Schneider**, Ministre de l'Écono-mie.- Mir ginn elo dofir!

► **M. le Président.**- Déi, déi net dermat d'ac-cord wären, bieden ech, dat mat engem Handzeechen ze weisen.

(Interruptions et hilarité)

A wien enthält sech?

Also ass d'Resolutioun unanime ugehall. A mir ginn déi Resolutioun un d'Cour des Comptes weider.

Da komme mer zu de Konte vum Exercice 2012 vum Médiateur. An och do ass d'Rie-dezäit nom Basismodell festgeluecht. Ech hu keng ageschriwwé Riedner. Dofir huet d'Ma-dame Diane Adehm fir d'Drëtt haut de Mëtten d'Wuert als Rapportrice.

6. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2012 du Médiateur

Exposé

► **Mme Diane Adehm** (CSV), rapportrice.- Jo, Merci, Här President. Ech géif dann och bei de Konte vum Médiateur proposéieren, dass d'Chamber se géif unhuelen. Mir hu se an der Budgetskontrollkommissioun gekuckt, mir hunn och keng Kommentaren dozou ze maachen. Et ass esou wäit alles an der Rei gewiescht, wéi mir dat gesinn hunn. Duerfir, wéi gesot, bieden ech d'Chamber, fir se unzehuelen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Wa keng Wuertmeldun-gen do sinn, géif ech dann, esou wéi den Arti-kel 5 vum Gesetz vum 22. August 2003 dat virgesäit, iwwert déi Resolutioun ofstëmme loossen, déi d'Budgetskontrollkommissioun proposéiert huet.

Résolution

La Chambre des Députés,

vu le rapport du réviseur des comptes du Média-teur qui estime que «les comptes annuels donnent une image fidèle des recettes et dépenses du Se-crétariat du Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg pour l'exercice 2012, ainsi que de l'excédent de 89.083,47 euros pour l'exercice clos en 2012, conformément au règlement financier et comptable intérieur du Secrétariat du Médiateur

du Grand-Duché de Luxembourg relatif à l'éta-blissement et la présentation des comptes an-nuels»;

vu l'examen des comptes par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire lors de sa réu-nion du 3 mars 2014;

fait siennes

les recommandations du réviseur des comptes du Médiateur;

approuve

les comptes de l'exercice 2012 du Médiateur.

(s.) Diane Adehm.

Ass d'Chamber dermat averstanen, fir iwwert d'Konte vum Médiateur à main levée ofzestëm-men?

(Assentiment)

Ech gesinn, dass dat de Fall ass.

Vote sur la résolution

An ech géif lech ëm en Handzeeche bieden.

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass, sinn och...

(Interruptions)

Zwou Enthalungen oder zwee dergéint?

► **Une voix.**- Zwou Enthalungen!

► **M. le Président.**- Zwou Enthalungen. Wëllt Der Är Enthalunge motivéieren?

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- Jo, ganz kuerz.

(Hilarité)

Mir huelen hei an där Resolutioun net nëmmen d'Recommandatiounen, also net nëmmen d'Konten un, mä och d'Recommandatioune vum Réviseur, déi, wann ech richteg infor-méiert sinn, dorop erauslafen, fir ze recomman-déieren, fir eng Comptabilité commerciale ze maachen. Do enthalte mer eis.

► **M. le Président.**- Ech soe Merci. Mat grousser Majoritéit sinn also och d'Konte vum Médiateur ugehall. Esou wéi den Artikel 158 vum Chambersreglement dat virgesäit, gëtt och dës Resolutioun der Cour des Comptes weidergereecht.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn domat um Enn vun eiser Sëtzung vun de Mëtten ukomm. Rendez-vous muer de Moien um néng Auer fir d'Budgetsde-batten. Ech wënschen lech an de Leit dobaus-sen nach e schéine Rescht vum Dag. Villmools Merci!

Domat ass d'Sëtzung opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.17 heures)

Sommaire des séances publiques n°s13, 14, 15, 16 et 17

13^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 145
Déclaration de politique générale sur l'état de la nation de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État	p. 145-151
Dépôt d'un projet de loi	p. 151

14^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 152
Changement de composition d'une commission parlementaire	p. 152
Débat sur l'état de la nation	p. 152-160

15^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 161
Débat sur l'état de la nation (suite)	p. 161-175

16^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 175
Communications	p.175-176
6611 - Proposition de loi relative à l'égalité salariale entre hommes et femmes	p. 176
Ordre du jour	p. 176
6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant	
1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;	
2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;	
3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;	
4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;	
5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;	
6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;	

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;	
8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;	
9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques	p. 176-179
17 ^e séance	
Ouverture de la séance publique	p. 180
6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant	
1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;	
2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;	
3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;	
4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;	
5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;	
6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;	
7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;	
8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;	
9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques	p. 180-183
6577 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2012	p. 183
6674 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2012	p. 183-184
Résolution concernant les comptes de l'exercice 2012 de la Cour des Comptes	p. 184
Résolution concernant les comptes de l'exercice 2012 du Médiateur	p. 184